N°1500
Entrée le 11.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.11.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/11/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Wirtschaft weiderzeleeden.**

Wien ee Bankkonto huet, dee profitéiert hei zu Lëtzebuerg vun engem Schutz fir déi Suen, déi um Konto drop sinn.

D'CSSF erkläert dozou op hirer Websäit:
*Lorsqu'une banque n'est plus capable de rembourser les dépôts des clients, par exemple lors d'une faillite, le client est, hormis un nombre limité d'exceptions définies par la loi, couvert par une garantie des dépôts. Au Luxembourg, le Fonds de garantie des dépôts Luxembourg (FGDL) prendra en charge le remboursement des déposants. Le montant maximum couvert par la garantie est de 100.000 euros par personne et par banque, bien qu'il existe des exceptions qui permettent un remboursement plus élevé.*

De Montant ass zënter 2015 net méi ugepasst ginn. An deene leschten 10 Joren ass d'Inflatioun hei am Land awer ëm iwwer 20% geklommen an 100.000 Euro am Dezember 2015 entspriechen ronn 122.000€ am September 2024 (Rechnung: https://statistiques.public.lu/fr/services-public/simulateurs/inflation.html)

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Ass d'Regierung der Meenung, dass de Montant vun der Garantie de dépôt, wéi en am Artikel 171 vum Gesetz vum 18ten Dezember 2015 relative à la défaillance des établissements de crédit et de certaines entreprises d'investissement festgehalen ass, misst un d'Entwécklung vun der Inflatioun ugepasst ginn?
   Wäert dës gemaach ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten